LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères

Luxembourg, le 23 DEC. 2014

Le Ministre de la Défense

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 DEC. 2014

Référence : A 37.1250.14

Le Ministre aux Relations avec le Parlement
SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION

Reg.:	SCL:
Entré le: 24 DEC. 2014	
	CHD:
A traiter par:	
Copie à:	

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, bd Roosevelt

L-2450 LUXEMBOURG

Objet : Question parlementaire n°732 du 20 novembre 2014 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER

Monsieur le Ministre,

Je vous prie de trouver ci-après la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Etienne SCHNEIDER

Adresse postale
L-1144 Luxembourg

Bureaux:
6, rue de l'ancien Athénée

134 000029-2004115-FR

Réponse de Monsieur le Ministre de la Défense à la question No 732 du 20 novembre 2014 de l'honorable Député Fernand Kartheiser

1. Den Präis vum lëtzebuerger A400M entsprecht nach ëmmer dem initialen Wäert an d'zwar 120
2. Milliounen € *à prix constant (2001)* wéi et an der *Loi du 21 mars 2005 autorisant l'acquisition d'un avion de transport* virgesinn ass. Et gouf also bis elo keng Iwwerschreidung vum Originalpräis. Deen Präis bezitt sech op d'Uschafung vum Fliger an begräift keng Fonctionnementskäschten, wéi Kérosène, Infrastrukturskäschten, lafend Ersatzstécker, Maintenance, oder Ausbildung vun den Piloten. Zënnter 2001 sin also déi normal virgesin Tranchen fir den Akaaf vun Flieger äusbezuelt gin. Fir den Moment faalen kéng zousätzlech Méikäschten souwéi Mannerkäschten un.
3. D'Liwwerung vum lëtzebuerger Militärfliger A400M soll wéi zënnter 2010 geplangt nach ëmmer am Februar 2019 stattfannen. D'Industrie huet sech engagéiert, d'Ufangksretarden no an no opzefänken an och d'Spezifikatiounen vum Cahier des charges ze respektéieren. Sollten awer iergendwellech Retarden entstoen dann géifen Penalitéiten fir d'Industrie ufalen déi dann zu dem Ableck am Detail negociéiert ginn mat OCCAR, d'Agence déi d'Kontrakten mat der Industrie aushandelt, an den Belschen Autoritéiten.
4. Bei den éischten Livraisounen vum A400M goufen eng Série technesch Défaut'en festgestallt. Den Fabrikant muss awer virun der *réception définitive* oder no Vereinbarung mat dem Client déi Problemer behiewen. Esou gëtt dann och bei all neiem A400M d'Qualitéit verbessert an déi technesch Problemer gin lues a lues all verbessert. Laut Planing wärt den lëtzebuerger Fliger, den dën 117ten A400M an der Produktionsketten ass, kaum vun denen „Kannerkrankhéten" betraff ginn.
5. Esouwuel den lëtzebuerger Fliger wéi och déi 7 belsch Fligeren ginn esou ausgeliwwert wéi ufanks laut den Spezifikatiounen vum Cahier des charges bestallt, an enthalen all wéi virgesinn all militäresch Equipementer fir déi verschidden Asätz.
6. Dën lëtzebuerger Fliger ass den Nummer 117 op der Ausliwwerungslescht an ass geplangt fir am Februar 2019 mat der leschter Konfiguratioun ausgeliwwert ze ginn.
7. Den Äusbildungprogramme fir Lëtzebuerger Piloten an Loadmasteren leeft, an ët ass nach ëmmer wéi geplant virgesinn fir 3 Equipagen vun Piloten an Loadmasteren auszebilden, dat heescht 6 Piloten an 6 Loadmasteren. Deen Programm leeft och no 2018 wieder. Den fait dass den Budget dann lues erofgeet kënnt doduerch, dass dann manner Piloten simultan an der Formatioun sin wéi elo.
8. D'Fro vun der TVA ass am gaangen zesummen mam Finanzministär geklärt ze gin.
9. De Kontakt leeft och mat den belschen Autoritéiten fir d'Fro vun der TVA ze geregelen. D'Participatioun un den Infrastrukturen vum belschen Militärflughafen ginn proportionnel op d'Unzuel vun den Fligeren gerechnet, dat heescht dass mir 1/8 vun den Käschten droen vun deenen Installatiounen déi och réng fir den A400M geduecht sinn. Deen Montant ass awer plafonnéiert op 17,26 Milliounen €. Infrastrukturen déi net direkt mat dem A400M ze dinn hunn ginn Lëtzebuerg net an Rechnung gestallt.